
**Département santé - Service accompagnement et soutien aux pompiers**

**D'Resultater vun eiser Ëmfro Januar/Februar 2023:**

**E Service fir d'Begleedung an d'Ënnerstëtzung vun de Pompjeeën – Är Meenung ass gefrot!**

Als alleréischt wëlle mir iech Merci soen, datt dier zu esou vill un der Ëmfro deelgeholl hutt (n = 513 Äntwerten, 65 % PV, 20 % PP, 15 % PP a PV). Dat erlaabt eis e Bild dovunner ze kréien, wat dier iech vun eisem Service wënscht a wéi mir eis Offeren un är Besoinen upassen kënnen.




**Themen**, déi iech am meeschten interesséieren, sinn virun allem:



KOMMUNIKATIOUN



ERNIERUNG



GESTIOUN VU STRESS A KONFLIKTER

- Kommunikatioun a Gespréichsféierung (53%)
- Ernierung (49%), Sport a Beweegung (46%)
- Gestioun vu Stress (45%)  a Konflikter (43%)

Bei der Form vun den Aktivitéiten wënscht dier iech virun allem eng Kombinatioun aus theoreteschen Informatiounen a prakteschen Übungen (47%).

**Zwee Aktivitéiten a Form vun Workshops ginn elo scho ugebueden:**


**Psychohygiène an  Stressbewältegung –präventioun**


**Weider Informatiounen fannt dier am Newsletter vum 17. Mäerz 2023 an um Sharepoint DMS.**

Eis Offer vun Atelieren an Aktivitéiten wäert no an no erweidert ginn. Mir halen iech iwwert de Newsletter an de Sharepoint DMS um Lafenden.

Wat **d'Organisatioun vun den Aktivitéiten** ugeet, esou hu dier eng Preferenz fir kuerz Informatiounsveranstaltungen (1,5-2 St., 50%). Ronn 31 % kënne sech och en hallwen Dag virstellen.

40% vun iech passt et zäitlech am Beschten Owes, 28% Moies an 20% de ganzen Dag. **Mir versichen deem bei der Organisatioun vun eisen Aktivitéiten so wéit wéi méiglech Rechnung ze droen.**




A punkto **Kommunikatiounsmëttel** géifen iech virun allem kuerz Artikelen am Newsletter oder an de Pompjees-Zäitschrëften zousoen.

Mir hunn eng grouss Nofro fir **Online Servicer** (77%). Dofir si mir aktuell amgaangen ze kucken wéi mir och eng Online-Offer kënnen ubidden.

Mir kruten vill Äntwerten op eis Fro, wat iech bei engem Service deen fir d'Begleedung an d'Ënnerstëtzung vun de Pompjeeën do ass, wichteg ass. An der Onméiglechkeet all eenzel Äntwert hei ze ernimmen, gi mir hei eng Zesummefaassung vun den heefegsten Bemierkungen an Ureegungen:

- **Liicht a perséinlech Erreechbarkeet :** Dier hutt d'Méiglechkeet d'Memberen vum ASP och direkt ze kontaktéieren (Kontaktdaten hei ënnen drënner). Wann dier eis e Mail schreift, kenn dier z.B. och präziséieren, wann dier léiwer ausserhalb vun de Bürozäiten ugeruff wëllt ginn.

- **Méiglechkeet och ausserhalb vum CNIS Gespréicher ze maachen:** Wann dier net wëllt an de CNIS op Consultatiounen kommen, kenn dier eis kontaktéieren a mir probéieren eng Léisung ze fannen.

- **Offeren an de CIS maachen:** eis kollektiv Aktivitéiten wäerten gréisstendeels an de CIS stattfannen; wann dier als CIS wënscht, datt mir kommen fir z.B. iwwert e bestëmmten Sujet ze schwätzen oder eng Kach-Aktivitéit ze maachen, zéckt net eis ze kontaktéieren.

- **Iddien vun de Pompjeeën respektiv hir Erfarungen mat ophuelen**: eis ass et wichteg a regelméissegem Austausch mat iech ze sinn. Mir sinn oppen fir Ideeën a probéieren dës souwäit wéi méiglech an eiser Aarbecht mat opzehuelen.

- **Kontakt hierstellen mat externen Hëllefs-Servicer:** mir hunn eng Lëscht vu Servicer aus de Beräicher Santé Mentale an Ernierung, déi dier bei eis ufroen an um Sharepoint DMS eroflueden kënnt, wann dier léiwer ausserhalb vum CGDIS consultéieren wëllt.

- **Sech an de CIS virstellen:** leider ass et net méiglech eis an all CIS virstellen ze kommen, well et der einfach ze vill sinn. Dofir haten mir eis entscheet, den Service ASP an den Zonenreunioun vir ze stellen. Mir wäerten awer weiderhin versichen, fir op den Terrain ze kommen.

- **Formatiounen an der Pompjees-Ausbildung ubidden:** verschidde Formatiounen sinn am INFS schonn virgesinn a mir sinn och oppen dofir fir dëst nach weider auszebauen.


**Sekretariat ASP** (fir RDVen an Froen):

Tel.: 49771-2450 E-Mail: dms-asp@cgdis.lu

**Claudine Wagner**, Psychologin

Tel.: 49771-2451 E-Mail: claudine.wagner@cgdis.lu

**Inès Renard**, Diététicienne

Tel.: 49771-2452 E-Mail: ines.renard@cgdis.lu

**Vinciane Collignon**, Diététicienne

Tel.: 49771-2453 E-Mail: Vinciane.collignon@cgdis.lu